DEMOKRATESCH PARTEI
Rammerich

**Objet:** Prise de Position – Budget 2026 (17.12.2025)

Madamm Buergermeeschter,
léif Schäffen,
léif Kolleeginnen a Kolleegen,

am Numm vun der DP Rammerich soe mir den administrative Servicer e grousse Merci fir d'Aarbecht, déi an de leschte Wochen a Méint geleescht gouf. Dëse Budget ass d'Resultat vu villen Ustrengungen, an dat wëlle mir ausdrécklech unerkennen.

Netdestotrotz musse mir, no méifachem Duerchliese vun dësem Dokument, haut festhalen, dass mir als Oppositioun, zwar wuel, zweemol de Budget matgedroen hunn – an dat net aus Opportunismus, mee aus Vertrauen.
Mir waren deemools iwwerzeegt, dass et déi éischt Schrëtt an déi richteg Richtung sinn. Mir hunn déi éischt Fortschrëtter unerkannt, positiv Elementer ervirgehuewen, an hu ganz bewosst gesot: Mir ginn dësem Schäfferot Zäit.

Haut, zwee Joer méi spéit, musse mir eis awer éierlech agestoen: Dës Zäit gouf net genotzt.

Fänke mir awer mol ganz vir un.
Virun enger Woch goufe mir heihinner geruff, fir d'Propositioun vum Budget presentéiert ze kréien. No eiser klorer Kritik vum leschte Joer – wou mir explizit eng strukturéiert Presentatioun vum Budget gefuerdert haten – hu mir awer misse feststellen, dass och dëst Joer dëser Demande réischt haut Rechnung gedroe gouf.

Jo, mir hunn deemools Erklärunge krut, firwat eis Propositiounen net am Budget opgeholl goufen. Wat deemools gefeelt huet, an haut zu engem klengen Deel ze gesi war, ass:

- eng kloer a strukturéiert Presentatioun vum Budget selwer,
- an och haut feehlt weiderhin, a virun allem e politesche Gesamtiwwerbléck,
- an eng Erklärung vun de Prioritéiten an de Choixen, déi de Schäfferot getraff huet.

D'Aarbechtssëtzung vum 10. Dezember hätt eng Plaz fir Austausch kéinte sinn.
An der Realitéit hu mir awer réischt haut een Deel vun deenen Erklärunge krut, déi mir eis deen Dag gewënscht haten a versprach kruten. Mir hunn eis gefrot firwat de Schäfferot eis net hier Visioun an hier Gesamtlogik vum Budget duerleet.
Mir bedaueren dës spéit Ännerung, deselwechte wéi verschidden Erklärunge réischt haut ze kréien, an ech wäert dëst och an den nächste Minutten zum Deel och nach eng Kéier zur Sprooch komme loossen.

Sou vill zu der feelender Transparenz: komme mer elo awer bei d'Schlësselzuelen aus dem Budget 2026, da gesi mir op den éischte Bléck e Rekordbudget. Am ordinäre Budget schwätze mir vu ronn 31,8 Milliounen Euro Recetten, also däitlech méi wéi nach 2025. An dat, obwuel am Laf vum Joer bal eng Millioun Euro méi erakomm ass, wéi nach viru genau engem Joer gerechent gouf – wat gutt Nouvelle sinn, mee wou een och muss soen: zum Gléck, well ouni dës zousätzlech Recetten hätt een den Exercice 2025 souguer mat engem Defizit ofschléisse missen, resp. ee klengen Emprunt zéien. A gläichzäiteg, an dat ass de Kär vum Problem, feelt trotz dëse Rekordzuelen eng kloer Zukunftsvisioun. Vun dëse Recettë stame ronn 25,1 Milliounen Euro aus dem Fonds de dotation globale des communes. Et ass kloer, datt keng Gemeng méi ouni de Staat auskënnt, mee mir mussen trotzdeem feststellen, datt eis Gemeng extrem ofhängeg vun dëse staatleche Mëttel ginn ass. Parallel dozou klammen eis dépenses ordinaires an engem Tempo, dee Suerge mécht: vu 22,5 Milliounen Euro am Joer 2024, op 25,3 Milliounen Euro 2025, bis op souguer 26,5 Milliounen Euro am Budget 2026. Dat heescht ganz konkret: de Boni am ordinäre Budget gëtt vu Joer zu Joer méi kleng, an domadder och eis Fäegkeet, op eng previsibel a gesond Aart a Weis Suen ze erwirtschaften, fir se dono a grouss a wichteg Projeten ze investéieren. Gläichzäiteg sti nees 5,8 Milliounen Euro am Budget, fir d'Gläichgewiicht ze garantéieren. Positiv ass, datt den Emprunt aus dem Joer 2025 net huet misste gezunn ginn – mee dat bedeit am Ëmkéier och, datt verschidde Projeten net esou virugaange sinn, wéi et ursprénglech ugekënnegt war. An et gëtt nach eng Zuel, déi mir net dierfen ignoréieren: Am Budget 2025 waren 8,1 Milliounen Euro u recettes extraordinaires virgesinn, effektiv erakomm sinn 1,06 Milliounen Euro. An jo d'Gemeng kann net dofir, dass de Staat net viru mëscht, dofir appelléiert d'DP, hei Drock ze maache bei de jeeweilegen Instanzen, fir dass déi Suen och de Wee an eis Gemengekeese fanne wäerten. Well och fir 2026 rechne mir nees mat 8,05 Milliounen Euro. Wa mir realistesch bleiwen – an d'Erfarung aus de leschte Joer weist dat – da wäerte mir ouni Emprunt net auskommen, virausgesat, mir wëllen iwwerhaapt d'Projeten ëmsetzen, déi de Schäfferot sech selwer gesat huet.

Mir wëllen awer och kloer a fair bleiwen, a genee dofir ass et eis wichteg, déi positiv Punkten aus dësem Budget 2026 ausdrécklech ze ënnerstäichen. Allem viru stinn hei déi grouss Investitiounen an den Dossier vun der Sportshal, e Projet, dee fir d'Gemeng eng zentral Roll spillt – net nëmme fir de Sport, mee och fir d'Schoulen, d'Veräiner an d'soziaalt Liewen. Hei gesäit een, datt weidergeschafft gëtt an datt dësen Dossier seng berechtegt Plaz am Budget fënnt. Och bei der Sanéierung vun de Stroossen zu Foulscht, déi hire laang erwaarten neie Belag kréien, muss ee soen: dat si wichteg Investitiounen an d'Liewensqualitéit an an d'Sécherheet vun de Bierger, an et ass gutt, datt dës Aarbechten elo uginn. Am Beräich vun der Energietransitioun gesi mir och e puer Fortschrëtter, notamment mam Ofschloss vun der Ëmrëschtung op LED-Beliichtung, souwéi mat der Installatioun vu Photovoltaikanlagen um Riesenhaff an zu Wolwen. Dat si Moossnamen, déi net nëmmen ekologesch Sënn maachen, mee och laangfristeg finanziell Auswierkungen hunn, an déi dofir hir berechtegt Plaz am Budget hunn. Positiv ervirzehiewen ass och de Bau vu Wunnengen zu Bungeref an zu Wolwen, dee wichteg ass, fir der Wunnengsnout op kommunalem Niveau entgéintzewierken an der Gemeng nei Perspektiven ze ginn. Am Beräich vun der Mobilitéit begréisse mir d'Bereetstelle

vu Sue fir eng eventuell Ëmsetzung vun den éischte Moossname fir den Appaisement du trafic, déi e wichtege Schrëtt a Richtung méi Sécherheet a méi Rou an de Dierfer sinn. An och méi punktuell, mee net manner wichteg, sinn d'Aarbechten um Scheeckenhaus, notamment den neien Daach an d'Drainage ronderëm d'Gebai, déi néideg Investitioune sinn, fir weider Schied ze verhënneren an de kommunale Patrimoine ze erhalen. All dës Projeten hunn hir berechtegt Plaz am Budget 2026, a si weisen, datt et an eenzelnen Dossieren och konkret a sënnvoll Beweegung gëtt.

Mee nieft dëse – zum Gléck net inexistente – Projeten, musse mir awer weiderhi ganz kloer soen, datt de Schäfferot a verschiddene wichtegen Dossiere weiderhi schléift, an dat ganz besonnesch am Beräich vun der Digitaliséierung. Jo, et ass richteg, datt intern verschidden Aarbechtsprozesser moderniséiert goufen an datt net méi alles anno Tubak stoe bliwwen ass. Dat wëlle mir net ofstreiden. Mee eng richteg fortschrëttlech a no bausse geriichten Digitaliséierung ass do nach ëmmer net ze erkennen. Als DP fuerdere mir ëmmer erëm: eng kloer digital Strategie, fir méi no un de Bierger ze kommen an nei Méiglechkeeten opzemaachen. Eng Gemengen-App (wéi zum Beispill Stroossen oder Beefort) wier dobäi nëmmen ee vun de ville méiglechen Tools, fir Informatioun, Kommunikatioun a Biergerbedeelegung méi einfach, méi séier a méi transparent ze gestalten. Och muss een haut des Daags d'Thema kënschtlech Intelligenz net ausklammeren. Dat ass keen Trend, deen erëm fortgeet, mee e Beräich, deen sech rasant entwéckelt – a wann een en haut op déi liicht Schëller hëlt, riskéiert een, an e puer Joer komplett zréckgeheit ze ginn. An trotzdeem ass och nach ëmmer keen Expert en digitalisation an der Gemeng ze gesinn, obwuel grad esou eng Persoun vill kéint ofhuelen, Mesurë konkret ausaarbechten a villäicht souguer zesumme mat Rambrouch Digital Assistance de Bierger bei Froen zu Online-Servicer aktiv hëllefen. Digitaliséierung däerf dofir och net ausschléissen. Si muss Informatiounen och méi einfach, méi kloer an accessibel maachen – och fir Leit, déi sech mat laangen Texter oder komplexer Sprooch schwéier dinn. A wann een sech de Budget 2026 ukuckt, da gëtt dës Schwaachstell nach méi däitlech: keng kloer Linn, keng sichtbar Mëttel, kee Projet, keen Zäitplang. An dofir musse mir et esou soen, wéi et ass: Mir schwätzen iwwer Digitaliséierung wéi wa mer am Joer 2015 – an handele wéi wa mer 2005 wieren. An dobäi befanne mir eis am Joer 2025 a diskutéieren e Budget 2026, an deem vun enger moderner Digitaliséierung bal keng Spuer ze fannen ass.

Dat selwecht gëllt fir d'Energietransitioun.

Jo, et ginn technesch Moossnamen, wéi den Ausbau vun der Photovoltaik oder d'Ëmrëschten op LED-Stroosseluuchten, déi wichteg a richteg sinn. Mee trotzdeem musse mir eis eng ganz kloer Fro stellen: Wou ass eng nei, zukunftsorientéiert Heizungsléisung fir d'Schoul – oder op mannst eng seriö Etude an ee kloren Fahrplang an déi Richtung?
Aktuell gesi mir keng Visioun, kee Plang an och keng kloer Perspektiv, wéi et an dësem Dossier elo soll weidergoen. An dat ass net nei. Schonn 2022, wéi d'Diskussioun ëm eng nei Heizung an der Schoul ugefaangen huet, hu mir als DP direkt gefuerdert, dass d'Gemeng mat engem

externen Expert zesummeschaffe soll. D'DP hunn deemools och konkret Beispiller genannt an den Numm LuxEnergie, fir eventuell Impulser ze kréien a wéi eng Richtung et sollt goen, an de Raum gestallt. De Schäfferot wollt deemools net op eis lauschteren.
Haut musse mir leider feststellen: Mir waren deemools net ganz falsch.

Hätt een deemools extern Hëllef agebonnen, da wiere mir haut ouni Zweiwel méi wäit an dësem Dossier a géifen net nach ëmmer mat eidelen Hänn do stoen.
Am Groussen a Ganze mierkt een och hei: Mir verwalten dat, wat existéiert – mee Innovatioun a Fortschrëtt feele ganz kloer op der Plaz. Dat gëtt besonnesch däitlech an dësem Kontext vun der Schoul. Do ass eng Pumptrack-Pist mat ronn 320.000 Euro fir een Devis ageplangt, obwuel – no eise Kenntnisser – kee konkrete Besoin vun den diversen Acteur'en aus der Schoul selwer formuléiert gouf.

D'Sue sinn also mol verplangt, mee d'Fro vun de Prioritéite kann – a muss – een hei definitiv hannerfroen.

An da komme mir bei dat, wat fir d'Leit am wichtegsten ass: den Alldag.

Allem virop de grousse Chantier vum Waasserpräis: Wou sinn hei d'Beméiunge vum Schäfferot? D'Upassung vum Waasserpräis gëtt scheinbar nees verréckelt, obwuel jidderee weess: Waarde mécht et net méi bëlleg haut sti mer scho bei engem Mali vun 995.000€ am Ordinairen. Um Enn bezuelen eis Bierger d'Rechnung, well et direkt ee gudde Krack méi deier muss ginn, fir dës Dépenses z'équilibréieren. An de Trend ass kloer: Et gëtt an de kommende Joren net méi einfach, weder fir d'Leit nach fir d'Gemeng. Hei misst also déi versprachen Aarbechtssëtzung méi wéi dringend ugesat ginn, fir dass Beweegung an dësen Dossier kënnt.

Dernieft hu mir eis als Fraktioun mol eng Kéier Är Verspriechen aus Ärem Walprogramm ënnert d'Lupp geholl.
Mir si bal an der Hallschent vun der aktueller Legislaturperiod.
Dat ass de Moment, fir éierlech ze kucken: Wou stinn Är Projeten? Wou stinn Är Verspriechen?
An do musse mir leider feststellen:

- Wou ass eis Schwämm, déi méi oft fir de Public op sollt sinn? Haut gesi mir eng Schwämm, déi an de Vakanze phaseweis zou ass – genee dann, wann d'Familljen Zäit hätten, se ze notzen.
- De Busbegleederservice wieder ausbaue stoung och an ärem Walprogramm: Jo, mir hunn dëst Thema schonn am leschte Gemengerot ugeschwat. mee et waren och Är Verspriechen. Haut, obwuel d'Besoinen däitlech do sinn, hu mir d'Gefill, dass dëse Service net zu enger vun de Prioritéit gehéiert.
- D'Renovatioun vum Päreler Centre Culturel – an och virun allem dass net mat de Veräiner geschwat soll gi bis dass ee konkret weess wéini et soll lass goen (villäicht dëst Joer oder réischt méi spéit – kee weess et) – an da muss alles iwwert de Knéi

gebrach ginn, et handelt sech dann net méi ëm een Austausch mee nëmmen nach ëm eng reng Informatiounsversammlung an dat ass alles anescht wéi no um Bierger. Firwat net virschaffen, kloer de Bierger kommunizéiere wéi d'Situatioun ass, wëll d'Architektepläng si prett – dann trefft een op vill méi Verständnis wéi ee mengt.

- An elo schwätze mer nach net emol:
    - iwwert d'Verspriechen, dass de Wanterdéngscht och d'Trottoire fräi soll maachen,
    - Den Ausbau vum Gemengebongert, deen och am Kader vum Klimapakt Sënn géif maachen
    - iwwert de Bau vun engem Scoutschalet, …

An do wëlle mer ganz kloer sinn:
Dat si keng ideologesch Diskussiounen.
Dat si konkret Liewensrealitéiten. Um Terrain. Bei de Leit.
An haut bleift leider ze oft de selwechten Androck zeréck:
Vill Verspriechen – wéineg Resultater.

An dofir komme mir als DP Rammerich haut zu enger anerer Conclusioun wéi d'läscht Joer.
Mir stëmmen net géint dëse Budget, well e falsch gerechent ass.
Mir stëmme géint dëse Budget, well en d'Verspriechen un eis Bierger net ahällt,
well e keng innovativ Richtung weist, a well en d'Zukunft vun eiser Gemeng ze vill op spéider verréckelt.
D'Leit hunn iech Vertraue geschenkt. Si hunn eis all gewielt. Si hu Fortschrëtter erwaart, a kruten dës och versprach. An dëse Budget gëtt ze wéineg Äntwerte fir d'Realitéite vu muer.

Mir soen et haut ganz kloer, och als Signal fir d'nächst Joer: Wann et kee politescht Ëmdenke gëtt, wann et fir 2027 net méi Visioun, méi Transparenz a méi Courage gëtt, da wäert eis Haltung och do konsequent bleiwen.

Mir wëllen eng Gemeng, déi viru geet, déi modern denkt, an déi d'Zukunft aktiv formt.

Wëll Politik bedeit net nëmmen ze verwalten, mee Politik bedeit virun allem gestalten.

Merci fir d'Nolauschteren.